CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
30 OCT. 2019
1411

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Lëtzebuerg, den 30/10/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.**

An menger parlamentarescher Fro n° 1099 haat ech den Här Landwirtschaftsminister iwwer d'Asammele vun Déierekadavere gefrot. A senger Äntwert op de véierte Punkt gëtt de Minister mir d'Zuelen u verstuerwenen Déieren, déi eleng am Joer 2018 ofgeholl gi sinn. Heibäi ass unzemierken, dass, ënnert Anerem, an nëmmen engem Joer 12.437 Kaalwer ëm d'Liewe komm sinn. Dëst entsprécht 1000 Kaalwer de Mount, wat ouni weider Erklärungen eng besuergniserregend Zuel duerstellt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Baséierend op den Zuelen aus der Äntwert op meng parlamentarescher Fro n° 1099, aus wéi enge Grënn stierwen all Joer iwwerproportional vill Kaalwer am Vergleich zu den aaneren opgeléschteten Déieren?

2. Wéi héich ass de Mortalitéitstaux vun deenen opgeléschten Déieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82530

Réf : 672/2019

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
15 NOV. 2019

Luxembourg, le 15 NOV. 2019

**Objet**: Question parlementaire n° 1411 de l'honorable député Monsieur Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

**Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 1411 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet d'Enlèvement de cadavres d'animaux**

**Baséierend op den Zuelen aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°1099, aus wéi enge Grënn stierwen all Joer iwwerproportional vill Kaalwer am Vergläich zu den aneren opgeleschteten Déieren?**
**Wéi héich ass de Mortalitéitstaux vun deenen opgeleschten Déieren ?**

Betreffend d'Kaalwer muss ee festhalen, dass des zimlech empfindlech sinn op verschidde Krankheeten, zemools wat d'Zäit direkt no der Gebuert an déi éischt Woche betrëfft. Duerfir muss een déi absolut Zuel vu Kaalwer, déi pro Joer net iwwerliewen am Zesummenhang mat hirem Alter gesinn. Et sief och bemierkt, dass mir an der Statistik "Kaalwer"definéieren als Randbéischte vun der Gebuert bis zu engem Joer.
An deem Sënn ass hei eng Oplëschtung vun der Mortalitéit no Alterskategorien

Bei der Gebuert oder kuerz virdrun: 42%
Wärend deenen éischten 30 Deeg: 36%
Tëschent dem 1. an dem 6. Mount: 17%
Tëschent dem 6 Mount an innerhalb vun 1 Joer: 5%

De Mortalitéitsindex fir d'Randbéischten innerhalb vum 1. Liewensjoer beleeft sich deemno op 15%. Dëst leit iwwer dem wat als „normal" ugesi gëtt, an dat sinn 10%.
Als Doudesursaach bei de Kaalwer ginn et der eng ganz Rei. Et ka bedéngt sinn duerch Problemer bei der Gebuert, awer och Erkrankunge vum Ootmungsapparat respektiv vum Daarm sinn heefeg Schold drun dass d'Kaalwer net iwwerliewen.
De Mortalitéitstaux vun deenen aneren opgelëschteten Déieren an eiser Äntwert op d'Fro no 1099 ass schwéier ze ermëttelen, well mir net déi genee Zuel vun de Gebuerte kennen.

---------------------------------------